1. IDENTIFIKATIOUN VUN DER FIRMA

Firme Numm
American Orthodontics
3524 Washington Avenue
Sheboygan, WI 53081

24 HR NOUTFALL TELEFONSNUMMER
(920) 457-5051
Telefon fir Informatiounen
(920) 457-5051

2. IDENTIFIKATIOUN VUM PRODUKT

Produktnumm: Saier-Ätzmëttel (Gel/Flëssegkeet)
Produktbeschreiwung: Koll – 37% Phosphorsaier Ätzgel
Produktnummer: REF 020-028536 & REF 020-028535
Material: Phosphorsaier

3. WEI ET ZE BENOTZEN ASS

Ätzgel ass e Phosphorsaier-Ätzmëttel, dat fir d'Ätze vu Schmelz an Dentin geholl gëtt fir d'Banne vu Primär-/Bannemëtteladhésifen un Zennstrukturen a restaurativem Material ze förderen.

4. KONTRAINDIKATIOUNEN

Et ass déi wichtegst Responsabilitéit vum Zänndokter an/oder dem Orthodontist fir all Kontraindikatiounen ze erkennen, déi de Gebrauch vun American Orthodontics Produkter ausschléisse kéinten.

5. WARNUNGEN

Ätzgel enthält Phosphorsaier an ass ätzend. Verhënnert de Kontakt mat den Aen, der Schläimhaut an der Haut. Liest an der SDS "Phosphorsaier" vun American Orthodontics.

Saierätzer enthält Koffer-Polyphthalocyanin a Chinolin-Giel/FD&C Giel Nr. 10. Patienten, déi ëmpfindlech oder allergesch op des Faarfstoffer reagéieren, sollen net mat dësem Produkt a Kontakt kommen.

6. NIEWEWIERKUNGEN

Beim der Uwendung kënnen d'Niewewierkungen allergesch Reaktiounen a gréngt Onwuelsinn a Péng beinhalten.

7. PROZEDURE VIRUN DER UWENDUNG

1. Déi emailléiert Uewerflächen, déi unenee gebonne solle ginn, mat engem ronnen Instrument mat enger Spëtz oder engem Pinsel aus Gummi mat enger Prophy-Pasta beträichen.
2. Huelt keng Prophy-Pasta, déi Ueleg enthalen. Déi kënnen en dënne Film hannerloossen, deen d'Ätzung hemmt.
3. Spullt an dréchent d'Zänn grëndlech mat Pressloft, déi keen Ueleg a keng Fiichtegkeet huet.

8. INSTRUKTIOUNEN - SCHRATT FIR SCHRATT

OPPASSEN: Wann Dir aner Ätzgeler benotzt, konsultéiert D'Beschreiwung vum Hirsteller. D'Prozedur hei drënner ass nëmme relevant fir den Ätzgel vun American Orthodontics.

1. Gitt d'Saier-Ätzmëttel op e Mëschblock.
2. Isoléiert d'Zänn fir ze ätzen.
3. Tuppt d'Saier-Ätzmëttel op déi ganz Fläch, déi soll verbonne ginn. Reift d'Saier-Ätzmëttel net op de Schmelz. Passt op, fir d'Saier-Ätzmëttel net op plakegt Gewebe opzedroen.
4. Loost d'Ätzen 30 Sekonnen awirken (60 Sekonne fir Mëllechzänn).
5. Schwenkt all Zant mat Waasser oder Loftspray während 10 Sekonnen (20 Sekonnen fir Gel-Ätzung) fir den Ätzvirgang ze stoppen. Déi geätzte Fläch soll fraschteg wäiss ausgesinn. Wann net, ätzt nach eng Kéier während 10 bis 15 Sekonnen.
6. Maacht déi entmineraliséiert Partikelen ewech

9. KONDITIOUNEN FIR D'VERSUERGEN AN DEN TRANSPORT

Versuergen

- Loosst de Behälter gutt zou.
- Tëschent 10°- 25°C opbewaren.

- D'Haltbarkeet bei Raumtemperatur ass den Ofalldatum. Dréit de Bestand ëm fir d'Haltbarkeet ze verbesseren.

Transport

- Bei Temperature vun 10°- 25°C transportéieren
- Ee graffen Ëmgang kann dem Produkt Schued zoufügen

10. UGABEN ZUR ENTSUERGUNG

Kleng Mengen vum Ätzmmëttel kann mat vill Waasser den Offloss erof gespullt ginn. Méi grouss Quantitéie musse behandelt ginn, wéi d'lokal Reglementer dat virschreiwen. Eidel Verpackungen kënne recykléiert ginn, nodeems dass se gutt a propper gebotzt goufen.

11. GARRANTIEVERPFLICHTUNG

D'Rechtsbäihëllef vum Käfer a Bezug op d'Usprëch, déi sech aus engem Mangel u Wueren oder Déngstleeschtungen erginn, sinn ausschliesslech op d'Recht vun der Reperatur oder dem Ersatz vun dëse Woren (je no Wal vum Verkeefer) oder op d'Réckzuelung vum Kafpräis beschränkt. De Verkeefer haft a kengem Fall fir Folgeschied oder zoufälleg Schied, sou wéi och ee verluerenen Gewënn, déi dem Käfer a Bezug op der Verkäfer erbruechte Wueren oder Déngschtleeschtungen entstinn. Usprëch op Beschiedegung oder Mängel mussen ënnerhalb vun 30 Deeg no Bestellung geltend gemaach ginn.

12. VIRSCHRËFTEN

EC REP MT Promedt Consulting GmbH • Altenhofstrasse 80 • 66386 St. Ingbert, Däitschland

American Orthodontics • 3524 Washington Avenue • Sheboygan, WI 53081 • (920) 457-5051

KUCKT D'GEBRAUCHSANWEISUNG WARUNG KORROSIV

STERILE NICHT STERIL VORSICHT – WENDT IECH UN CE 0843 D'IFU

TËSCHENT 10° - 25°C OPBEWAREN

KUCKT OP WWW.AMERICANORTHO.COM FIR ENG SYMBOLLËSCHT

OPGEPASST: D'AMERIKNESCHT GESETZ BESCHRÄNKT DËST GERÄT FIR DE VERKAF UN ODER OP D'BESTELLUNG VUN EINEM ZÄNNDOKTER/ORTHODONTIST.

D'Informatiounen an der IFU sinn gülteg an akkurat. American Orthodontics iwwerhëllt awer keng Garantie, weder ausdrécklech nach stillschweigend, fir d'Vollstännegkeet vun den Informatiounen ënnert alle méigleche Bedingungen.
Räsonabel Sécherheetsvirkierungen mussen ëmmer agehal ginn.